commissionpour l'égalitédes chancesentre femmes hommes
commune de steinfort

COMMUNE DE STEINFORT

Internationale Fraendag 2009

KONFERENZ A LAF GÉINT HÄUSLECH GEWALT

Am Kader vum internationale Fraendag invitéiert d'Chancëgläichheetskommissioun vun der Gemeng Stengefort lech ganz häerzlech op eng Konferenz zum Thema häuslech Gewalt.

D'Statistike weisen dass dëst Thema méi wie aktuell ass. Eleng am Joer 2008 sinn et zu Lëtzebuerg 263 Expulsiounen am Kader vum Gesetz vum 8ten November 2003 iwwer d'häuslech Gewalt vun der Police Grand-Ducale exekutéiert ginn. Am Joer 2007 waren 49% vun de Fraen a Kanner wéinst häuslecher Gewalt an deene verschiddene Fraenhaiser ënnerbruecht. D'Konferenz wëllt iwwer dës Problematik opklären an iwwer déi verschidden Hellëfsmoossnamen informéiren.

Wéi erkennen ech häuslech Gewalt?

Wat kann ech als Zeien vun häuslecher Gewalt maachen?

Wou kréien d'Affer gehollef?

Wéi gesäit d'Gesetz vum 8ten November 2003 aus?

Ginn et präventiv Moossnamen?

Konferenz zum Thema häuslech Gewalt

Wéini ? 4. Mäerz 2009 ëm 19.30 Auer
Wou ? Al Schmelz zu Stengefort
Sprooch ? lëtzebuergesch
Intervenantes :

- Mme Pierrette Meisch, Directrice vun der Fondation Pro Familia zu Diddeleng.
- Mme Vicky Wagner, Mataarbechterin beim SAVVD (Service d'assistance aux victimes de violence domestique) vun der ASBL Femmes en Détresse.
- Mme Josiane Zbinden, Responsable vum Fraefoyer vun der Fondation Pro Familia zu Diddeleng
- Mme Corinne Lahure, assistante sociale vum Service Social de Proximité Stengefort,
- eng Vertriederin vun der Police Grand-Ducale.

Laf géint häuslech Gewalt

Den 8ten Mäerz invitéiere mir iech aktiv ze ginn an un eisem Laf géint häuslech Gewalt deelzehuelen. Den Erléis vum Laf geet un d'Fondatioun Pro Familia an d'Asbl Femmes en Détresse.

Op engem Parcours vun +/- 2 Km kennt dir lafen, walking oder Nordic-Walking maachen. All Tour kascht 2 Euro. Fir Iessen an Drénken ass gesuergt.

Wéini ? 8. Mäerz 2009
Départ ? 10.00 bis 11.00 Auer (Départ collectif ëm 10 Auer, duerno eenzel bis 11 Auer)
Wou ? Centre Roudemer à Steinfort
Umellen ? bis den 3. Mäerz op der Gemeng Stengefort (Tel 399313-1) oder op der Plaz